© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Et wor emol… Lëtzebuerger Geschicht(en)

Sou muenches gouf dëst Joer gemaach, fir dem grousse Publikum déi spannend Geschicht vun eiser Stad nach méi flott ze presentéieren. Ugefaange mam Stater Geschichtsmusée, deen de Mee seng nei permanent Ausstellung "The Luxembourg Story" opgemaach huet. Bei därselwechter Geleeënheet krut de Musée och en neien Numm: En heescht elo Lëtzebuerg City Museum a weist dem Visiteur an enger besonnesch attraktiver Zeenerie d'Entwécklung vun der Stad, vun hiren Ufäng am 10. Joerhonnert bis haut.

Nieft der Kierch a Clausen gouf am Juli de Mansfeldpark ageweit. Seng Lag a säin Numm erënneren un d'Schlass, dat de Grof Pierre-Ernest de Mansfeld vu 1563 bis 1604 baue gelooss hat. D'Geschicht vun dëser Prënzeresidenz – et war eng vun de wichtegste Renaissancebauten an de spueneschen "Nederlanden" – gëtt een op grousse Panneaue gewuer, virun enger Fielskuliss, déi de Gouverneur mat sengem wonnerbare Park an Zeen ze setze wousst.

Eng nei permanent Ausstellung fënnt den interesséierte Visiteur och an der aler Moschterfabrick am Pafendall. Am nei geschaaften "Espace découverte" vun der Muerbelsmillen ass d'Zäit, net awer d'Millerad stoe bliwwen…

Eis Auteuren erzielen an dëser *ons stad* esou muenches, wat se aus allerlee Archiven ervirgekroomt hunn. Loosst Iech mathuelen op eng spannend Rees an eis Vergaangenheet!

ch.g.